

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An Däitschland ass elo d'Déierschutzgesetz ofgeännert ginn. Zenter dem 25. Juni 2021 sinn esougenannt „Stachelhalsbänder“ bei Hënn verbueden. Do heescht et am betreffende Gesetzesartikel:

**Verbot:** „Es ist verboten, bei der Ausbildung, bei der Erziehung oder beim Training von Hunden Stachelhalsbänder oder andere für die Hunde schmerzhaft Mittel zu verwenden.“  
**Begründung:** „Wissenschaftliche Erkenntnisse zu Erziehungsmethoden von Hunden beurteilen die Anwendung von Strafreizen zur Erziehung von Hunden als nicht tierschutzkonform. Insofern ist die Verwendung von Stachelhalsbändern oder anderen für die Hunde schmerzhaften Mitteln als tierschutzwidrig zu verbieten.“

An deem Kontext wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

\_Wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu deene Collieren? Gëtt am Sënn vun engem besseren Déiereschutz un e Verbuet vu „Stachel-Collieren“ geduecht, am Fall wou dat net scho sollt bestoen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten